ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un den Här Minister fir d'Kooperatioun weiderzeleeden.

Laut mengen Informatioune sinn zeg Milliounen Euro un Hëllefsgelder, déi fir d'Palestinenser bestëmmt waren, detournéiert ginn an un d'Terrororganisatioun Hamas weidergeleet ginn. Dëst Geld wär ënner anerem benotzt gi fir Waffen ze kafen, Tunnellen ze bauen a Salaire vun Hamas Fonctionnaire ze bezuelen.

Ënner anerem wären Hëllefsgelder iwwert d'Associatioun „World Vision International" detournéiert ginn.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1) *Kann d'Regierung d'Uschëllegung vum Detournement vu Gelder iwwert d'Associatioun „World Vision International" bestätegen?*
2) *Huet dës Associatioun, direkt oder indirekt, Hëllefsgelder vun der Lëtzebuerger Regierung krut? Wa jo, wéi vill, wéini a zu wéi engem Zweck?*
3) *Wéi vill Ënnerstëtzung vu Lëtzebuerg ass zanter 2006 an d'palestinensescht Territoire gefloss? U wéi eng Organisatiounen ass dës Hëllef ausbezuelt ginn? Kann een eng Opschlësselung maachen, wéi vill dovunner direkt vir d'Gaza Sträif bestëmmt war?*
4) *Wéi eng Mëttelen huet d'Lëtzebuerger Regierung fir sécher ze goen, datt d'Hëllefsgelder fir Palestina exklusiv fir humanitär Zwecker a fir déi ekonomesch Entwécklung agesat ginn?*
5) *Sinn der Lëtzebuerger Regierung Fäll bekannt, wou Geld aus Lëtzebuerg un terroristesch Vereenegunge weider geleet ginn ass? Wa jo, wat huet d'Regierung an esou Fäll ënnerholl?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten